| AMICALE LTPEM | Info - Blat | No 32<br>Juni 2021 |
| --- | --- | --- |
| 1933 – 2008<br>75 Joer Amicale | Amicale des Anciens Elèves de l'Institut et du Lycée Technique Privé Emile Metz asbl | www.amicale-ltpem.lu<br>amicale@amicale-ltpem.lu<br>CCPL LU65 1111 0233 3353 0000 |


## Léif Memberen a Frënn vun der Amicale

Fir d'Alleréischt hoffe mir, dat de Covid-19 weder Iech nach e Member aus ärer Famill getraff huet, a wënschen dat e bei Iech laascht leeft.

Lues a lues schéngt eng regulariséiert Normalitéit erëm ze kommen. D'Vakanz steet virun der Dier. Bleift Dir heiheem oder fuert Dir fort, mir wënschen e schéinen a gesonden Openthalt

## Generalversammlung am Februar 2021

All Punk aus däser, bedéngt duerch Covid-19 Restriktiounen ofgehalen, Generalversammlung gouf ugeholl. Mir soe Merci.

Eise Comité ass elo esou zesummegesat :


Bressanutti Alphonse - President / Sekretär; Biever Jean - Vize-President; Thill Roger - Tresorier / Adressefichier / Homepage,

Member:

Beidler Mike; Braun Mike; Costantini Tessy; Herrmann Joe; Kirsch Jean-Paul; Kohn Jean-Jacques; Kolber Jeannot*; Ley Luc; Streff Marco; Thill Daniel (*Co-optéiert)

## www.lpem.lu

D'Schoul huet eng nei, méi attraktiv a méi informativ Homepage. All Beruff huet eng kuerz Virstellung.




Besonnesch interessant sinn déi nei Beruffer wéi :

- Smart Technologies (ST) & E- Controls (STC)
- Diplôme d'Initiation aux Métiers Aéronautiques et Spatiaux (DIMAS) oder
- English speaking classes wéi
  - Information Technology (IFI)
  - Mecanics (MGI)

Am Beschten huelt Iech Zäit a kuckt Iech déi nei Beruffer un.

Op dësem Site ass och d'Amicale ze fannen, mat de Fotoen vun deene meeschte Comitésmemberen.




Bedéngt duerch déi nei Formatiounen, brauch ee méi Klassesäll. Esou kommen Container op déi Plaz wou d'Taken houngen. An dës Container kommen d'Elektriker. Den Elektriker Atelier an de Büro vun den Enseignanten gëtt a Schoulsäll ëmgebaut. Weider Container komme vis-à-vis vum B-Gebäi. Di dräi Büroe vis-à-vis vum Restaurant scolaire ginn ëmgbaut an zwee Klassesäll.



D'Enn vum Schouljoer an d'Examen sinn e grousst Thema an dëser Zäit. Mir wënschen alle Schüler eng schéi Reussite an hinnen mat hiren Elteren eng wuel verdéngte Vakanz.

*Bleift Gesond an hoffentlech gesi mir eis geschwënn erëm.*